

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉ GRÉNG). - Här President, ech wäert mech meng Virriedner a Virriednerinnen ungeschlëssen an den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ginn.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Mëtzelstandminister Fernand Boden. Här Minister, entschëllegt, d'Wuert huet nach den Här Urbany.

M. Serge Urbany (déli Lénk). - Här President, ech hu just eng Minutt. Déi fënnf Joer Moratoire hate bis elo als Resultat, dass déi Mëtzelhandelschaften CACTUS, Courthéoux an esou weider alleguete konnten ausgebaut ginn, an dass den Handel an den Uertschaften an an de Stied do duerch net besser ginn ass.

Dofir gëtt et konkret Ursachen: Dat sinn d'Präisser, mat deenen d'Geschäftsleit oder d'Epicerien net kënnen mathalen. Dat sinn d'Loyerer zum Beispill, déi an de Stiet ze heich sinn. Et ginn zwou Méiglechkeeten, fir dogéint ze wirken. Dat ass entweder den Handel ze ënnerstëtzen op lokalem Plang, net nëmmen a rurale Gebidder, an et gëtt d'Méiglechkeet, fir zum Beispill d'Supermarchéen ze obligéieren an de Quartieren an an den Uertschaften Superetten opzemaachen, an deene fir d'Grondbesoinen zu normale Präisser genuch Wuere sinn, fir dass och d'Leit an den Uertschaften sech dohinner kënnen bewegen, niewent an amplatz deene Superetten, déi jo elo scho bestinn an Tankstellen awer net an den Zentre vun den Uertschaften.

Dofir mengen ech, dass och eng Verlängerung vun deem Moratoire hei näischt Wesentlech méi bréngt, wéi bis elo. Ech hu keng prinzipiell Bedenke géint dee Moratoire. Dofir wäert ech mech bei deem Vote enthalten.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Minister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen all deenen, déi sech hei un dës Debatt bedeelegt hunn, en härzeleche Merci. Et ass eng ganz konstruktiv Debatt. Ech soe virun allem och merci dem Rapporteur, dee besonnesch an dëser Problematik ëmmer nees eng grouss Sachkenntnis an e groust Engagement ëmmer nees beweist an och dofir suergt, dass dës Dossier virugedriwwen ginn, deem enge vläicht ze schnell, mä op jiddede Fall gëtt effikass dru geschafft, an ech soe merci, dass mer haut kënnen dës Projet hei diskutéieren.

Dir wësst, dat ass jo och gesot ginn, dass 1997 eng relativ grundleegend Reform gemaach ginn ass, fir d'Autorisatiounen fir eng Grande surface nei ze regelen, an niewent der Léisung vu ganz wichtege prozeduralen an technesch Froen ass och e Moratoire vu fënnf Joer agefouert ginn.

Wat dës Moratoire ubelaangt, wëll ech kuerz nach eng Kéier u meng Motivatioun vun deemools erënnere. „Op fënnf Joer, also zäitlech begrenzten Aschränkungen, sollten eng Denkpausen erméiglechen, de Maart dobause berouegen a besonnesch verhënnere, dass ganz grouss Projeten, déi am Ausland ofgewise goufen, elo an eisem Land verwierklecht ginn, an duerch hir iwwerdimensional Gréisst eng Gefor fir d'Iwwerliewe vun eisem etablierte Commerce duerstellen“. Dee Moratoire leeft Enn dës Mounts elo aus. Dofir huet d'Regierung schonn am Virfeld, wéi se mat alle konzernéierte Partner geschwat huet, fir de Plan d'action fir de Mëtzelstand festzeleeën, festgehalen, dass dee Moratoire sollt verlängert ginn, well

d'Argumenter, déi gegoll hunn, wéi de Moratoire agefouert ginn ass, haut nach ëmmer gültig sinn.

D'Motiver sinn, fir dofir ze suergen, dass e gesonden Equilibre geschafe gëtt tëschent enger komplett fräier Maartwirtschaft an dem Schutz vun de klengen a vun de mëttelgrousse Geschäftsstrukturen, déi meechtens iwwer Jorzéngten hei am Land gewuess sinn, an déi wesentlech sinn, fir e gudden Approvisionnement vun eiser Bevëlkerung an alle Géigende vum Land.

Et geet och drëm, fir d'Geschäftswelt an de Stiet an an den Dierfer virun enger iwwermächtiger Konkurrenz ze schützen, well mer dës Geschäftswelt an de Stiet an Dierfer brauchen. Si beliewen, wéi gesot, de Stadskär oder den Duerfkär, a si stellen och domadder eng sozial wichteg Kompetenz duer. Eng komplett Liberalisatioun hätt vill méi e groussen Drock vun auslännescher Gruppe mat sech bruecht, deen eis Geschäftsstrukturen a virun allem och de Mëtzelstand net ouni Schued onbedéngt ausgehalen hätten.

De Moratoire - ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen - ass net géint eng natierlech Entwécklung, souwuel op Kommersantenniveau, wéi och op Konsumentenniveau gerichtet. An deene leschte Joren huet de Commerce sech jo och hei am Land weiterentwéckelt, mä et geet drëm, fir eng exzessiv Konzentratioun a verschidde Branchen ze verhënnere, an dat sensibel Gläichgewicht tëschent den Interesse vun de klengen a mëttlere Kommersanten an deene ganz groussen Akafszentren ze halen. Dofir soll de Moratoire ëm dräi weider Joer weidergefuert ginn.

En anere Grond fir d'Verlängerung ass, dass deen éischte Moratoire vu fënnf Joer am Fong seng richteg Effeten elo eréischt weist. Dir wësst, dass wann een esou e ganz grouss Projet wëllt realiséieren, dass dat eng ganz laang Virbereedungsphas bedeit. En etlech vun deene Projeten, déi elo an der Lescht ofgeschloss gi sinn, sinn nach Projeten, déi ënnert der aler Legislatioun autoriséiert gi waren. De Moratoire, deen 1997 ugefaangen huet, fänkt am Fong geholl elo eréischt un an der Praxis ze spillen. Dofir ass et wichteg a sënnavoll, fir de Moratoire e bëssen ze verlängere, fir eng genee Analys ze maachen, wat d'Vir- an d'Nodeeler dovun waren, an dann eng Décisioun ze huelen, wéi et soll no dësen dräi Joer weidergoen.

Parallèle dozou wëll ech awer och soen, dass mir ganz genee observéieren, wat sech an der Groussregioun deet, wat sech un eise Grenzen deet, fir net Entwécklungen, déi vun de Konsumente gewünscht sinn, ze bremsen. Mir hu keen Intérêt drun, dass ganz interessant Hypermarchéen, déi vun de Konsumente géife gefrot ginn, géifen un de Grenzen opmaachen, an dass eis Lëtzebuerger Konsumente géifen dohinner goen, wa mer dat hei am Land géife verbidden. Dofir wëlle mer eng gewësse Flexibilitéit behalen. De Moratoire ass also nëmmen op dräi Joer ausgedehnt ginn. Mir observéiere genee, wat sech ronderëm eis deet a wëllen dann och deemno handelen.

Also nach eng Kéier ofschléissend: Et handelt sech hei net ëm en Instrument vu Protektionismus, wéi vun deem engem oder anere gesot ginn ass, oder ëm eng iwwerdriwwen Aschränkung vun der Fräiheet vum Commerce, mä et ass éischter en Instrument, wat soll de ruinéise Verdrängungswettbewerb vermeiden, an de Moratoire soll verstanen ginn als eng Paus, déi de Maart berouegt an dee verhënnert, dass déi ganz grouss auslännesch Gruppen hei alles erdrécke kënnen. Well mir haten e gewëssene Moment eng grouss Demande vu ganz grouss Gruppen, fir hei Hypermarchéen opzerrichten. Déi ass, Gott sei Dank, duerch de

Moratoire, deen haut besteet, e bëssen ofgebremst ginn. A wéi gesot, mir wëlle versiche fir no deenen dräi Joer, déi elo zousätzlech dobäi kommen, eng nei Diskussioun mat lech zesummen hei an der Chamber doriwwer ze féieren.

Merci nach eng Kéier fir déi breet Ënnerstëtzung fir dës Projet. Ech hoffen, dass e gläich kann a Kraaft trieden.

M. le Président. - D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5028 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwer dee virleien- de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen an enger Abstentoun.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), MM. Laurent Mosar, Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jean-Paul Rippinger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schreol (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Lucien Lux), Mme Mady Delvaux-Stehes, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein) et M. Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4911, e Steierofkommes tëschent Lëtzebuerg an der Republik Slowenien. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Alex Bodry a Gusty Graas. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

2. 4911 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et de la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et

du Protocole y relatif, signés à Ljubljana, le 2 avril 2001

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet haut mat deem Projet de loi 4911 drëm, fir eng Konventioun iwwer d'Duebelbesteuerung zwëschen Slowenien a Lëtzebuerg ëmzesetzen, nodeem mer de 17. Oktober datselwecht gemaach haten am Beräich vun der Sécurité sociale, wou mer esouguer schonn eng Dispens vum zweete Vote kritt hunn de 5. November.

Slowenien ass jo e Land, dat fréier - dat wësst Dir - zu dem éisträichesch-ungaresche Räich gehéiert huet an no 1918 am Fong geholl an déi sozialistesche Republik vu Jugoslawien agebonne ginn ass. Doduerch huet et eng grouss industriell Vergaangenheet, an déi huet him och, mengen ech, geholle, wéi dat Land de 25. Juli 1991 onofhängeg ginn ass, fir seier ze evoluéieren an e Liewensstandard ze kréien, deen ähnlech ass mat deene Länner aus der Europäescher Unioun.

Slowenien ass also haut och Kandidat fir d'Europäesch Unioun, an nieft Malta, Zypern an Estland, géif ech mengen, wär et am Spëtzepeleton, wat d'Performance économique an de Liewensstandard ugeet. Do kann een och feststellen, dass dat ongeféier fir duerchschnëttlech 75% vun der Moyenne vun der Communautéit an deem Land de Fall ass, wat also beweist, dass dës Land wahrscheinlech 2004 zu der Union Européenne stousse wäert. Et ass e Land mat 2 Milliounen Awunner. Et ass also e klengt Land mat 20.000 km².

Et läit zwëschen Italien, Éissträich, Ungarn a Kroatien an et huet och eng Adria, grad esou wéi aner Länner do ënnen. Et ass vergläichbar am Fong mam Littoral belge, well et ongeféier 50 Kilometer Plage huet. Et huet och Alpen, wou de Wintersport grouss geschriwwen gëtt, besonnesch zu Maribor, der zweetgréisster Stad, wou all Joer vun der FIS e groust Renne stattfënn.

Et ass e Land, wat wéineg Vertrieeder hei zu Lëtzebuerg wunnen huet, nëmmen eng 60 Leit residéieren hei zu Lëtzebuerg. Et sinn der awer och e ganze Koup, déi iwwer déi lescht Jorzéngte d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn.

Ech géing mengen, et wär wierklech ubruecht, et géif Sënn maachen an et wier opportun am Fong geholl, weider legislativ Mëtelen ze kréieren, fir eis bilateral Bezéiungen ze verbesseren, ëmsou méi déi kommerziell Échangen tëschent Lëtzebuerg a Slowenien an d'Luucht gaange sinn, an och ëmsou méi déi mënschlech Relatiounen, - wéi kann ech soen, am Opbroch sinn.

Et gëtt e Jumelage tëschent Péiteng a Maribor, der zweeter Stad vu Slowenien. Dës Jumelage ass entstanen an enger Zäit, wou dës Land nach keng Onofhängegkeet hat. Ech wëll gären nach eng Kéier rappelléieren, dass den deemolege Statsminister, de Jacques Santer, grad esou wéi de Franc Dreu, Consul honoraire, deen och hei zu Lëtzebuerg um Houwald wunnt, an och deen deemolege Buergermeeschter, de René Putzeys, dem Land e gudd Coup de main ginn hunn, fir an de Joren 1991 eng international Unerkennung ze kréien.

Wat elo d'Konventioun ugeet, wollt ech kuerz e puer Elementer erausschelen, déi par rapport zu dem Modell, wéi d'OCDE en huet, a wat d'Duebelbesteuerung ugeet tëschent Lëtzebuerg an anere Länner, Verschiddenheeten opweisen.

Éischtens ass et emol, wat d'Besteuerung ugeet vun de Pensiounen, esou: D'Pensioun gi be-

steiert am Ursprungsland an net, wéi de Modell et virgesäit, am Residenzland vum Bénéficiaire. Dës Situatioun versteet sech, wann ee gesäit, wéi et mat de Sozialtransferten hei vu Lëtzebuerg an d'Ausland ass. Heieraus entsteet dann déi Situatioun, dass eng Persoun, déi a Slowenien residéiert, trotzdem hei zu Lëtzebuerg besteiert gëtt.

Eng komplementar Dispositioun heizou ass déi, dass och d'Revenue vun Artisten a Sportler, déi eng Aktivitéit hunn, déi net an hirem Land ass, besteiert ginn am Residenzland. Dës geschitt am Kader vu Sportsprogrammer a kulturelle Programmer.

En anert Element vun der Konventioun ass, fir d'Echang vum Léierpersonal ze favoriséieren. Wann do Echangë stattfannen, déi manner wéi zwee Joer daueren, ginn déi net besteiert, wann et doriwwer erausgeet, da si se besteierbar bei dem Léierpersonal am Kader vun Universiteiten, Kolléien oder soss Schoulen. Wat d'Studenten, d'Léierjongen an d'Stagiairen ugeet, do gëtt et och eng Exemptioun fir d'Besteuerung am Kader vu Boursen, vu Präisser oder soss spezifeschen Allocatiounen, déi vu wëssenschaftlechen Organisatiounen, kulturellen Organisatiounen, éducativen oder soss Organisatiounen gemaach ginn.

Wat elo d'Method ugeet, fir déi Duebelbesteuerung ze maachen, muss ee feststellen, dass d'Lëtzebuerger dat iwwer eng sougenannt Exemptioun maachen, dat heescht, dass am Fong geholl d'Lëtzebuerger drop renoncéieren, wann een a sengem Land besteiert gëtt. An deem Fall ass et Slowenien. D'Slowenen hunn e Système d'imputation. Si maachen also eng Déduction d'impôts, déi equivalent ass zu deem, wat ee besteiert gëtt an deem Land, wou een da residéiert.

Wéi gesot, et ass eng Konventioun, déi Sënn mécht. Fir aner Elementer géif ech vläicht d'Kollegen bidden, am Projet de loi, an der Konventioun oder an dem Exposé des motifs nozeliesen. Och géif ech lech alleguer bidden, dës Projet ze adoptéieren. De Projet ass unanime an der Kommissioun ugehall ginn, esou dass dat kee Problem dierft sinn. Ech géif an engems den Accord vun der CSV bréngen.

Ech soen lech merci!

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

Discussion générale

M. Gusty Graas (DP). - Här President, vu dass Slowenien eent vun deene Länner ass, dat jo mer an d'Europäesch Unioun kennt, ass et also wichteg, dass mer déi bilateral Relatiounen mat deem Land nach méi verstärkt fleegen, an an deem Sënn wäerte mir selbstverständlech eisen Accord zu deem Projet de loi bréngen. Ech wëll awer och gläichzäiteg dem Kolleg Halsdorf nach merci soe fir säi mëndlechen an och schrëftlechen Bericht.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, am Numm vum Här Bodry bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet.

M. le Président. - Den Här Gibéryen huet och nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, ech wëll och vun eiser Säit eisen Accord zu deem Projet de loi bréngen an dem Rapporteur merci soe fir déi Explicatiounen, déi hien der Chamber ginn huet.

M. le Président. - Den Här Urbany huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Här President, ech si selbstverständlech net géint déi Konventioun hei. Ech si fir Konventiounen mat alle Länner. D'Slowene si mer esou sympathesch wéi iergendeng aner Natioun.

Ech wollt just hei de Rapport kritiséieren, well dee sech bezitt op d'éisträichesch-ungarescht Räich an op d'Zougehéiregkeet vu Slowenien zu Westeuropa, fir domadder, niewent senger ekonomescher Prospéritéit, déi natierlech Zougehéiregkeet ze begrënnen, déi dat Land zu Europa hätt, während gläichzäiteg awer Bosnien an Albanien hei aus deem Land ausgewise ginn, well se net d'Chance hunn zu deem exklusiven Club vun den EU-Kandidaten ze gehéieren. Ech wäert awer fir dës Konventioun stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président**.- D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

■ **M. François Biltgen**, *Ministre aux Relations avec le Parlement en remplacement de M. le Ministre des Finances*.- Här President, dës Regierung ass frou, wa mer haut deen Accord gestëmmt kréien.

Dir wësst, dass, wann alles gutt geet, da kommen all déi nei Länner an zwee Joer an Europa eran, an do ass et wichteg, dass mer och bilateral déi néideg Instrumenter hunn, op deene verschiddensten Niveaue - déi leschte kéier hate mer d'Sécurité sociale, elo hu mer d'Steieren -, fir och mat deene Länner kënne gutt Kontakter ze hunn.

■ **M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Artikel unique vum Projet de loi 4911 a stëmmen doriwuer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi 4911 sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint sinn, mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmme mat 55 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf (par M. Gusty Graas), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'Wuert freet den Här Paul-Henri Meyers fir den Dépôt vun zwou Propositionen de révision vun der Konstitution.

3. Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution

■ **M. Paul-Henri Meyers** (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet mech autoriséiert, fir eng Proposition de révision vun der Verfassung ze déposéieren, déi den Artikel 57 betrëfft, dat ass d'Eedesformel vum Deputéierten.

Gläichzäiteg proposéiert d'Kommissioun awer och an enger anerer Proposition de révision den Artikel 63 ofzeänneren. Dat ass deen iwwert de Vote vun de Gesetzestexten, wou mer virgesinn, dass och an der Verfassung de Vote par procuration soll virgesi ginn. Merci.

- *Proposition de révision 5047 de l'article 63 de la Constitution*

- *Proposition de révision 5048 de l'article 57, paragraphe (2) de la Constitution*

■ **M. le Président**.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun deenen zwou Propositionen de révision de la Constitution duerch den Här Paul-Henri Meyers. Déi zwou Propositionen gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Statsrot.

Mir fueren da weider mat eiseem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vun der Proposition de loi 5026 iwwert d'Reorganisatioun vum Kadasteramt.

Et sinn agedroen: déi Häre Bodry, Graas a Greisen. D'Wuert huet de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

4. 5026 - Proposition de loi de M. Norbert Hauptert modifiant la loi du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Norbert Hauptert** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition, déi hei virläit, soll näischt anesches duerstelle wéi en Oubli, deen eis am Text vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Kadaster, dat mir am leschte Summer hei gestëmmt hunn, ënnerlaf ass, ze behiewen.

Wou kouw déi Omissioun hier? Et ass esou, datt d'Regierung en Amendement zum alen Text vun der Organisatioun vum Kadaster proposéiert hat. De Statsrot huet awer virgeschloen, op Grond vun dene villen Ännerungen, fir ee komplett neit Gesetz ze machen, an huet och eng Proposition de texte u säin Avis ugehaang.

D'Kommissioun huet d'Proposition vun der Regierung op Grond vum Regierungstext diskutéiert, huet awer herno an hirem Rapport den Text vum Statsrot einfach iwwerholl. An deem Text waren am Artikel 15 (1) zwou Tireten deelweis respektiv ganz vergiess ginn:

- Am Artikel 15 (1), Paragraph b), war den Tiret vun dem Chargé d'étude-informaticien ganz vergiess ginn.

- An dem Artikel 15 (1), Paragraph d) waren zwou Wieder vergiess ginn, an zwar am drëtten Tiret d'Wuert vum Inspecteur principal, an am véierten Tiret dat vum Inspecteur.

Dës Proposition de loi soll deen Oubli redresséieren. D'Kommissioun huet den Avis vum Statsrot, dee positiv zu dëser Proposition ass, diskutéiert a schléit lech vir, dës Proposition de loi ze stëmmen. Ech bréngen heimat och den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen.

Discussion générale

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Här President, mir si selbstverständlech mat dëser Proposition de loi d'accord, déi eng Partie materiell Erreuren an dem Gesetz iwwert de Kadaster redresséiert. Mir félicitéieren de Rapporteur fir seng Proposition de loi a fir säi Rapport.

■ **M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas** (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci, datt e sech deem klengen Redressement do ugeholl huet, a bréngt selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

■ **M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Greisen.

■ **M. Fernand Greisen** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll all deene Leit merci soen, déi un deem Gesetz an dem Rapport matgeschafft hunn an och gläich den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Erlaab mir awer ee Wuert ze soen zu zwéi Textauschnëtter, an zwar zu de Carrièren. Hei geet et ëm d'Carrière supérieure vum Ingénieur an ëm d'Carrière moyenne vum Ingénieur technicien. Am Text fann mir den Titel vum Ingénieur industriel net erëm, datt ass en akademeschen Titel vun enger Fachhochschoul, vum Fachhochschulingenieur. Mir wëssen, datt do nach en Ennerscheed besteet zum Ingénieur vun enger klassischer Uni. Vu datt deen net do am Text besonnesch genannt gëtt, gi mir dovunner aus, datt esou wéi am Ausland selbstverständlech den Ingénieur industriel an d'Carrière supérieure kënnt. Mir hoffen dann och, datt duerch d'Assimilatioun déi Blockéierung an déi Carrièreproblemer an dëser Verwaltung, grad esou wéi déi bei der Flughafverwaltung dann och geléist sinn.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président**.- D'Wuert huet den zoustänneg Minister.

■ **M. François Biltgen**, *Ministre aux Relations avec le Parlement en remplacement de M. le Ministre des Finances*.- D'Regierung huet näischt Extraes dozou ze soen.

■ **M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vun der Proposition de loi 5026 a stëmmen doriwuer of.

Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert déi virleend Proposition de loi.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir d'Proposition de loi 5026 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Proposition de loi ass mat 56 Stëmmen eestëmme ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alexandre Krieps) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), M. Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 4417, enger Konventioun iwwert den Accès international à la justice. Et si schonn agedroen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes an d'Mme Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

5. 4427 - Projet de loi portant approbation de la Convention tendant à faciliter l'accès international à la justice, faite à La Haye, le 25 octobre 1980

Rapport de la Commission juridique

■ **M. Patrick Santer** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4427, deen der Chamber haut zum Vote virläit, ass am Kontext vun der ëmmer méi staarker Internationaliséierung vum sozialen a wirtschaftlechen Liewen ze gesinn. Dës Phänomene gëtt begleet duerch eng steigend Unzuel vu Gerichtsprozesser, déi internationalen oder transnationale Charakter hunn. Et geet also drëm, fir d'Recht op den internationalen Accès zu de Gerichter ze garantéieren.

Den Haaptobjektiv vum Gesetzesprojet ass d'Approbatioun vun der Konventioun: „...tendant à faciliter l'accès international à la justice“, déi de 25. Oktober 1980 zu Den Haag ënnerschriwwen ginn ass. Dës Konventioun ass vun der Den Haager Konferenz iwwert den Droit international privé ausgeschafft ginn. Déi Konferenz huet am Laf vun de Joren, vum 19. Jorhonnert un, eng ganz Rei vun internationalen Konventiounen erschafft, déi en integrale Bestanddeel vun der heiteger Procédure civile sinn.

D'Konventioun iwwert den Accès international à la justice vun 1980 reforméiert a moderniséiert haaptsächlech d'Konventiounen, déi an de Joren 1905 an 1954 ënnerschriwwen gi sinn a schonn e puermol an der Tëschenzäit ofgeännert gi sinn. Ee vun den Hauptpunkte betrëfft d'Assistance judiciaire am Beräich vum Zivil- an

Handelsrecht. Auslänner, déi an engem anere Land wëlle prozesséieren, kréien den Zougang vun der Assistance judiciaire wesentlech erlichtert. D'Konventioun couvréiert net nëmmen de Prozess u sech, mä och juristesche Berodung. Dobäi kënnt nach eng méi séier a méi bëlleg lwwermëttlungsmethod vun den Demanden.

En zweete wichtegen Deel betrëfft d'Cautioun, déi verschidde Kategorie vu Persounen bis elo hannerleeë mussten, wa se an engem frieme Land eng Gerichtsprozedur wollt starten - op juristesche Lëtzebuerger gesch gesot heescht dat eng „cautio judicatum solvi“. D'Innovatioun besteet an der Dispens vun esou enger „cautio judicatum solvi“, déi souwisou als dubios par rapport zum Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonvention ugesi muss ginn, an dat ënert der Konditioun, datt den Demandeur en justice seng Residenz an engem Land huet, dat d'Konventioun ratifizéiert huet.

Ënner d'ärselwechter Réciprocitéitsbedingung gëtt d'Contrainte par corps - och nach eppes, wat dubios par rapport zu der europäescher Mënscherechtskonvention ass, mä awer nach ëmmer virgesinn ass - am zivilen Handelsrecht ofgeschafft.

Här President, d'Avise vum Statsrot an d'Aarbechte vun der Commission juridique - mir haten am ganze siwe Sätzungen iwwert dës Konventioun - betreffen haaptsächlech zwéi Punkten. Den éischte Punkt betrëfft d'Reserven, déi Lëtzebuerger zu der Konventioun gemaach huet. Hei ass et besonnesch ëm Redaktioun vun der Residenzbedingung gaang.

Den zweete Punkt betrëfft d'Bezeechnung vun den nationalen Autoritéiten, déi d'Kompetenzen am Beräich vun der Konventioun hunn. Déi éischt Autoritéit ass de Justizminister, deem zwou Fonctiounen zoukommen: Éischters ass de Justizminister d'Autorité centrale am Sënn vum Artikel 3 vun der Konventioun, dat heescht, hien ass zoustänneg fir d'Demandéierung vun der Assistance judiciaire ze emfänken, zweetens assuméiert de Justizminister d'Fonctioun vun der Autorité expéditrice, dat heescht, hie leet d'Demanden an d'Ausland weider.

Déi zweet Autoritéit ass de Procureur général d'Etat, hien ass d'Autorité centrale am Sënn vum Artikel 16 (2). Dës Dispositioun gehéiert zum Kapitel iwwert d'„cautio judicatum solvi“ an d'Exequatur vun de Prozesskäschten, dat heescht d'Condamnatioun aux frais et dépens. Duerzou kënnt de Procureur d'Etat aus dem Bezierk, wou den Défendeur säi Wunnsätz huet, dee Prozeduren, déi op Exequatur vun der Condamnatioun aux frais et dépens auslafen, start an de Suivi vun deene Prozeduren mécht.

Schlussendlech wëll ech nach eng kéier ervirhiewen, datt d'Konventioun dozou bäidréit, fir den internationalen Zougang zu de Gerichter ze vereinfachen. Si ass domadder e wichtegen Deel vun eiseem Rechtsstat. Den Accord vun der CSV-Fraktioun ass natierlech selbstverständlech. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président**.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jean-Pierre Klein** (*LSAP*).- Här President, ech soen dem Här Rapporteur merci fir säi perfekte Bericht. Eis Fraktioun wäert dës Projet stëmmen.

■ **M. le Président**.- Den nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger.

■ **M. Jean-Paul Rippinger** (*DP*).- Här President, ech soen natierlech och dem Patrick Santer villmools merci fir säi Rapport, esou wéi dat sech gehéiert. Vu datt mir